



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Aiff Christian , 10:21, 23/03/2021

Luxembourg, le **23 MARS 2021**

Objet : Question parlementaire n°3656 du 17 février 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la sécurité autour du centre d'accueil pour demandeurs de protection internationale situé sur la route d'Arlon

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fier bannenzeg Sécherheet Henri Kox a vum Här
Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Ufro n° 3656 vum
Honorabelen Députéierten Här Fred Keup vum 17. Februar 2021**

Ad 1):

Et handelt sech bei der Struktur op der Areler Stroos ëm déi nei Struktur fir d'Eischtupnam vun demandeurs de protection internationale (DPI), dee neie Centre de primo-accueil, kuerz de CPA. Bis elo war déi éischt Ulaafstell fir DPI an de Gebailechkeeten vun der fréierer Logopédie zu Stroossen, déi am Februar 2021 definitiv zou gemaach ginn ass.

De Gardiennage vun de Leit am fréieren an am neie CPA gëtt vun enger privater Sécherheetsfirma assuréiert. Bei Tëscheffäll gëtt d'Police kontaktéiert, esou wéi et iwwerall de Fall ass. Et ass Personal vum lëtzebuurger Roude Kräiz um Site an këmmert sech ëm den Encadrement vun den DPI an d'Gestioun vun der Struktur. Noutruffnummere sinn affichéiert.

D'Interventiounen vun der Police an oder ronderëm de fréieren Centre Primo-Accueil zu Stroossen, Lëtzebuerg an aner Strukturen fir DPI geschéie gréisstendeels op Ufro hin (Security, Geschäftsleit, Passanten, asw.), meeschtens am Kontext vu klengeren Incivilitéiten.

Ad 2):

No enger Entrevue tëscht der Police, de betraffene Geschäftsleit an de lokale Gemengenautoritéite vu Stroossen, mëscht d'Police säit Februar 2018 reegelméisseg präventiv Patrullen notamment an de Geschäfte. Dat ass circa 2-3 mol pro Dag.

Ad 3), Ad 4):

D'Police erfaasst keng spezifesch Statistiken iwwert Asätz an a ronderëm Strukturen fir DPI.

Betreffend d'Interventiounen wou e Protokoll erstallt ginn ass, konnten am gefrote Stroosse Segment vun der Areler Stroos am Joer 2020, 43 Protokoller zougeuerdent ginn, ouni datt, wéi gesot, Statistike gefouert ginn iwwer di Verbaliséiert.

Ad 5), Ad 6):

D'Police erfaasst keng spezifesch Statistiken iwwert Bewunner vu Strukturen fir DPI.

Ad 7):

Sämtlech offensichtlech a relevant Fait'en déi en caractère de relevance publique hunn an net an d'Enquête agräifen, gi verëffentlecht. Ab dem Moment wou eng Strofdot geschitt ass, ënnerläit déi weider Kommunikatioun den zoustännege Justizautoritéiten.

D'Police erfaasst keng spezifesch Statistiken iwwert kommunizéiert oder net kommunizéiert Interventiounen.